Lëtzebuerg, den 2 mars 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„An der Schwäiz huet e Bauer eng nei Aart a Weis fonnt fir mat Wiermer biologeschen Dünger hierzestellen. Dobäi léist en a sengem Wuermstall Kouмёscht op engem Mëschtstack verroten a verfiddert en uschléissend u seng Wierm. Esou entsteet en nährstoffräichen Humus, dee vill aktiv Mikroorganismen a Pilzer enthält an och besonnesch waasserspäichernt ass. Dëse Biodünger soll de Vitamin-C-Gehalt bei Geméis erhéijen an d'Rouse méi resistent géint Blaatleis maachen.*

*An deem Kader wollt ech d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wéi ass d'Meenung vun de Ministeren zu esou engem Biodünger ?*
- *Ass de Ministere bekannt, ob och schonn zu Lëtzebuerg esou e Biodünger mat Wierm hirgestallt gëtt?*
- *Falls ee Bauer interesséiert wier esou e Wuermstall opzeriichten fir Biodünger hierzestellen, wat fir Genehmigungsprozeduren missten do applizéiert ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten